Ville d'Esch-sur-Alzette

Escher Bibliothéik
BOOKS · ARTS · MULTIMEDIA

Informatiounen – BESA – November 2022

Enn November 2022 migréiert d'Nationalbibliothéik de Bibliothéiksgestiounssystem vum Reseau vun de Lëtzebuerger Bibliothéike bibnet.lu op eng nei Plattform. Wärend der Transitiounsphas si verschidde Bibliothéiks-Servicer fir eng kuerz Zäit net disponibel.

D'Escher Bibliothéik ass aus dësem Grond exzeptionell vum 23. bis den 30. November 2022 zou.

Mär freeën eis awer an dësem Zäitraum kënnen déi kanadesch Bédéistin Sophie Labelle de 25. November am Kader vum Queer Little Lies Festival bei eis ze begréissen: QLL3 - Sophie Labelle / Rencontre et dédicace

Wat bedeit d'Transitiounsphase konkret fir Äerch?

- Vu Mëttwochs, dem 23. November 2022 uns kënnt Där keng Reservatioun, kee Prêt a keng Verlängerung vum Prêt vun Dokumenter méi maachen. Där kënnt Äerch och net nei an enger Bibliothéik vum bibnet.lu Reseau aschreiwen, an och Är existéierend Aschreiwung net verlängeren.

- All Reservatioun vun Dokumenter, déi bis en Dënschdeg, 22. November gemaach gouf, gëtt bis no der Transitioun fir Äerch op d'Säit geluecht. All Prêt, dee bis en Dënschdeg, 22. November inclus gemaach gouf, gëtt fir d'Dauer vun der Transitioun automatesch verlängert.

- Wärend dëser ganzer Zäit hu Dir Accès op eis digital Offer, wéi beispillsweis ebooks.lu

- Wann Där Äerch fir déi éischte Kéier no der Transitiounsphas um Portal a-z.lu connectéiert, gitt Där invitéiert, Äert Passwuert zeréckzesetzen. Äert aktuellt Passwuert ka wéinst dem Schutz vun Äre perséinlechen Daten net migréiert ginn.

- Opgepasst: Är Favoritten (ofgespäichert Notizzen a Recherchen, an hire Historique) vun Ärem Konto ginn net mat migréiert. Där hutt awer d'Méiglechkeet, déi Donnéeën bis de Freideg, 25. November via den EasyBib ze exportéieren. Leider fonctionéieren och d'Linken zu de bibliographeschen Notizzen, déi Dir an Äre Favoritte gespäichert hutt, net méi.

Ville d'Esch-sur-Alzette
Boîte Postale 145 · L-4002 · Esch-sur-Alzette
Tél. (+352) 2754 7777
www.esch.lu

Bibliothèque Municipale
26, rue E. Mayrisch L-4240 Esch-sur-Alzette
Tél. (+352) 2754 4960
bibliotheque@villeesch.lu